Frëndeskrees Kamerun
www.frendeskreeskamerun.lu

Leif Kolleginnen a Kollegen,
Leif Memberen vum Frëndeskrees Kamerun,

Mir sin frou, dass Dir (Du) eng Sensibilitéit hut fir eisen projet, den Centre d'Accueil de l'Espoir, an deem Weesenkanner betreit gin, ze ennerstëtzen. Vum 14. – 27.2. 2013 ass d' Schwester Brigitte Mewoulou, Directrice an Fondatrice vun dësem Centre hei zu Lëtzebuerg op Besuch. Fir den Frendeskrees Kamerun ass dës dynamesch Uerdensfra vergläichbar mat enger Schwester Emmanuelle oder Mutter Theresa.

De Programm vun hirer Visite fann Dir hei hannendrop als résumé an ee speziellen Datum sief erirgehuewen:
Dënschdeg, 19. Februar 2013 2013 vun 18.30-21.00 Auer um Belair bei den Franziskanerinnen (50, rue Gaston Diderich, L-1011) am Versammlungsraum 'Francesco'. Dir braucht Iech keng Gedanken zum Parking ze maachen. Do fuert Dir einfach bei der grousser Entrée ob den Parking seitlech vun dem Franziskanerklouschter.
Des wärd eng eemoleg Gelegenheet sin fir dëser 'Power' Fra ze begéinen, fir déi esou munchereen vun Iech schons esouvill gemaach huet.

Mir hun äis virgestallt, dass um 18.45 an 19.45 Auer een 15 Min Film gewisen gët iwwert den 'Centre de l'espoir d'Efoulan' zu Yaoundé am Kamerun an déi vill Terrainsaarbecht, déi domat verbonnen as. Dëst Wierk ass zum gréissten Deel vun Lëtzebuerger Hëllef ennert der Regie vun der ONG Bridderlech Deelen opgebaut gin.

Schéin ass, wann Dir einfach kommt, ob aleng oder zu méi. Haaptsach Dir kënnt der Schwester begéinen an hir Är Froen stellen. Et soll een ongezwongenen, informativen Owend fir äis all gin. Dir braucht Iech net unzemellen, falls een eng Fro hätt, ass déi wëlkom iwwer den Handy: 691 16 04 61 oder mail: leon.kraus@education.lu
Mat ganz léiwen Greiss, de Komitee vun der asbl „**Frëndeskrees Kamerun**":
Kraus Léon, Arendt-Brosius Marie-Paule, Brosius Raymond, Ludovicy André, Ndeutchi Ghislaine, Roesgen Monique, Scholer Annette, Thorn Myriam.